

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Éier mer dann zum nächste Punkt...

(Interruption)

Jo, Här Huss?

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Ech si frou, datt dat unanimement esou décidéiert ginn ass. Ech hat a menger Ried, do war Dir leider net hei, dofir wollt ech lech dat kuerz widerhuelen...

**M. le Président.**- Ech hunn Är Ried héieren, Här Huss, maacht lech guer keng Suergen, ech kennen Är Interventioun.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Hutt Dir dann och matkritt, datt ech lech gebieden hunn, datt Dir sollt suergen, datt wa mer e Gesetz hei stëmme wat an déi do Richtung geet, datt mer dat och hei sollen uwennen?

**M. le Président.**- Jo, ech hunn Är Ried ganz héieren, integral, Här Huss, maacht lech guer keng Suergen.

(Hilarité et interruptions)

A fir de Rescht ass et de Büro vum der Chamber, deen décidéiert wéi mer an där do Prozedur virginn.

Éier mer elo zum nächste Projet vum Ordre du jour kommen, wëll ech dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Krecké d'Wuert ginn, dee wëllt en Dépôt maachen. Här Minister Krecké.

### 3. Dépôt d'un projet de loi

**M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, et freet mech lech matzedeele, dass de Grand-Duc mech mat Datum vum 25. Abrëll beoptraagt huet an d'Autorisatioun ginn huet, hei e Projet de loi ze déposieren, deen heescht, autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain.

- *Projet de loi 5471 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain.*

Voilà, Här President.

**M. le Président.**- Ech ginn dem Här Minister Akt vum Dépôt vum deem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Chamberskommission weidergeleet gëtt.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour, dat heescht zur Diskussioun vum Projet de loi 5432, d'Konventioun iwwert d'Schafung vum enger Agence spatiale européenne. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Thiel, d'Madame Flesch an den Här Angel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

### 4. 5432 - Projet de loi portant approbation - de la Convention portant création d'une

### Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et fällt mir e bësse schwéier fir lech an de Weltraum matzehuelen, mat deenen terrestresche Problemer, déi mer hei gewenzelt hunn.

(Hilarité)

Mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, deen eng Konventioun an zwee Accordë soll ëmsetzen. D'Konventioun befaasst sech mat der Kreatioun vum der europäescher Weltraumagence aus dem Joer 1975. Den éischten Accord behandelt dann d'Protection an den Echange vu klassifizierten Informationsen aus dem Joer 2002. Den zweeten Accord, deen interessantsten dovunner, ass dee mat der Membership vu Lëtzebuerg bei der europäescher Weltraumagence, der ESA, aus dem Joer 2004.

Wéi ech dee Rapport geschriwwen hunn, hat ech dauernd e Bild viru mer. Ech hat d'Bild viru mer vum 21. Juli 1969. Deemools wor ech Zeie ginn, wéi den Neil Armstrong deen éischte Schrëtt gemaach huet bei der Moundlandung. En huet gesot deemools, op englesch zwar: „Ee klenge Schrëtt fir mech, mä ee gewaltege Schrëtt fir d'Mënschheet.“

An esou ee gewaltege Schrëtt mécht och Lëtzebuerg haut, andeem et dann der ESA bäitritt.

De Projet selwer ass déposiert ginn de 17. Januar 2005, den Avis vum Statsrot kouw eran den 22. Mäerz, an der Chamberskommission ass alles den 14. Abrëll erkläert ginn an an der Sitzung vum 26. Abrëll ass de Rapport eestëmeg ugeholl ginn.

An hirem Wäissbuch zur europäescher Weltraumnutzung schreift d'Europäesch Kommission awer schonn, dass grad déi friddlech Notzung vum den Erkenntnisser aus der Weltraumfuerschung ee qualitative Sprong fir d'Europäesch Unioin duerstellt, an dat op sozialem, technologeschem, wirtschaftlech Plang.

D'Memberschaft vu Lëtzebuerg bei der ESA gëtt eis also ganz vill Méiglechkeeten, eis elo mat eranzebréngen. Si ass eng logesch Suite vum dem sou genannte Programm ARTES, engem Fuerschungsprogramm fir Telekommunikatioun. Eleng fir dee Projet gëtt Lëtzebuerg an de Joren 2000 bis 2006 zwoelf Milliounen Euro aus. Mä duerch de Bäitritt zur ESA kënn dann awer den ARTES zu Enn, no der Transitionsphas vu sechs Joer.

D'europäesch Weltraumagence ass gegrënnt ginn am Joer 1975. Si

war e Pendant zur amerikanescher NASA. Wuelverstanen, d'ESA ass friddlechen Zwecker zougewant, wou d'NASA deelweis och militäresch Zwecker verfollegt.

D'Haaptaufgab ass a bleift kloer, eng Kooperatioun ze maachen tëschent allen europäesche Länner fir d'Notzung vum Weltraum. Lëtzebuerg wäert elo als dat lescht vum de 15 europäesche Länner, no Griechenland, och dësem Club da bäitrieden. Et gëtt eng „task force“ geschaaft zwëschent der ESA a Lëtzebuerg, fir ebe während sechs Joer eis drop virzebereeden.

D'ESA selwer ass och eng europäesch Gemeinschaft, well si huet nämlech Zentren an Holland, an Däitschland, an Italien an an der Belsch. Duerch dës Adhësioun kann och Lëtzebuerg dann nach méi staark an d'Telekommunikatioun an an de Satellitteberäich eraklappen. Dat hëlleft eis onsen Deel an enger globaliséierter Welt bäizesteieren; an notament de Mediaport vu Betzduerf wäert hei e bedeitende Rehaussement erliewen.

Jiddferee weess et och, déi elektronesch Kommunikatiounen per Satellit sinn an de leschte Jore ganz staark ausgebaut ginn, notament am Sënn vum der Wëssensgesellschaft, un déi mir alleguer gleeven. Och doniewent wäert ons Universitéit sech an dësem Gebitt erabrénge, an dat duerch d'Fuerschung an och duerch d'Leier.

Vläicht zwee kleng Projekte vum der ESA aus där villen, grousser Serie erausgepickt: Dat ass engersäits den HUBBLE-Projet, mat deem mir lo bal un d'Enn vum eisem Weltraum kënnen kucken, an dann déi sou genannt METEOSATelliten an och den ENVISATellit. Engersäits kënnen mer d'Wieder kontrolléieren, erofspille loosse, an anerersäits kënnen mer Klimadaten ophuelen an eis Ressourcen naturelles op der Äerd besser gestionnéieren.

An och kënnen mer am Speziellen de Kyotoprotokoll iwwerwaachen. An aus deem Projet wüsst erm een neien raus, de sou genannte GMES, de Global Monitoring Environment Security Programm.

Wat nun de finanziellen Impakt fir Lëtzebuerg ubelaangt, et ass ee ganz modesten. Mir klappen do era mat engem Adhësiounsbeitrag vum nëmme 700.000 Euro. A well awer d'ESA selwer tëschent obligatoreschen an och fakultative Projekten a Programmen ënnerscheet, bezuele mer nëmme fir déi obligatesch Projekten 0,21% vum Bruttoinlandprodukt, dat sinn 1,2 Milliounen, fir am Laf vum Joer bei Projekte matzemaachen.

Interessanterweis awer - d'ESA ass éierlech mat ons - huet se de „juste retour“, dat heescht si passt op, dass keen, wann ee Geld investéiert doranner, ze vill bezilt. No fënnef Joer gëtt de Kont gemaach an da gëtt zu engem Land gesot: Du hues méi investéiert, elo kanss du dech méi a Projekte bedeelegen, fir dass de „juste retour“ agehale ka ginn.

90% vun den abezuelte Mëttele fléisst souwisoer erm zrëck an d'Industrie européenne, fir eis méi staark an der Weltraumnutzung ze maachen. Mir kréien domat e beseren Zougang zum Wëssen an enger Technologie op engem Marché, wou sech niewent den Amerikaner mëttlerweil och d'Chineesen, d'Japaner an d'Brasilianer breet maachen.

Ee ganz spezielle Punkt wëll ech och dem GALILEO-Projet dann zoumudden. Mir kréien domadder d'Chance, dass mer eis an der zweeter Generatioun vum de sou genannten Telekommunikations- a Satellitennavigationsprojete kënnen bedeelegen.

D'Europäesch Unioin kritt endlech eng Méiglechkeet sech lasszekapelen vum dem amerikanesche GPS; déi Méiglechkeete kréie mer elo. Interessanterweis awer musse mer 30 Satellitten eropschëssen; 27, déi mer direkt brauchen, dräi an der Reserv. An déi ginn an enger Héicht iwwer Europa getässelt vum 23.000 km. An duerch d'Triangulatioun, duerch d'Spill vun dräi Satellitte kënnen mer einwandfräi ons Positiounen festleeën.

Interessant gëtt dat op alle Fall fir de Stroosseverkéier, fir de Schëffs-verkéier an och zum Beispill fir d'Landwirtschaft. Et kann ee sech virstellen, dass iergendwann eng Kéier de Bauer mat engem Empfänger op sengem Trakter fiert a genee weess, duerch e Piepser: Elo sinn ech um Enn vu mengem Kadasterplang ukomm. Dat kann alles gemaach ginn, wann dee Projet hei duerchgeet.

Am Ganze schätze se 140.000 nei Aarbechtsplazen, eleng an deem Beräich GALILEO. Lëtzebuerg wäert der bestëmmt och dovunner kréien.

Ee leschte Volet awer nach, ee wichtege Punkt war den Avis vum Statsrot. De Statsrot huet gemengt a senger Liesung vum dësem Projet de loi, mir kéinten hei eventuell en Transfert de souveraineté erliden. Dat wier de Fall gewiescht wa mir duerch d'Adoptioun vum Joresbudget vum dem Conseil vum der ESA all Décisiounen missten droen. Dofir wär dann den Artikel 114, Ali-néa 2, vum der Verfassung an d'Spill komm. Och de Ministère huet dat an der Chamberskommission gesot, war awer enger anerer Meinung, huet awer herno gemengt aus juristesche Grënn an och weinst den Délaïé sollte mer eis awer dem Statsrot sengem Avis da ralliéieren. Soss hätte mer vläicht riskéiert, dass bei deenen éischten Opträg, déi elo vergi ginn, Lëtzebuurger Entreprisen net méi dobäi hätte kënnen sinn.

Duerch de Bäitritt vu Lëtzebuerg bei d'ESA kënn et zu enger „added value“ op verschiddene Pläng, op dem wëssenschaftlechen, dem technologeschen, dem industriellen an och dem wirtschaftleche Beräich. Grad an der Rumm vum der Lissabonstrategie muss een dëse Schrëtt begrëissen, well mer elo einwandfräi op de Wee vum där sou genannter performerter Wëssensgesellschaft higin.

Mëttlerweil huet sech awer och schonn an eisem Land e Grupp vum dynamesche Mënschen aus der Wirtschaft beieneegesat an eng Plattform gegrënnt, de GLAE. Hir Aufgab a Missioun wäert da sinn, d'Notzung vum der europäescher Weltraumfuerschung nach méi op Lëtzebuerg ze axéieren an domadder och e weideren Ausbau vum eiser dynamescher Wirtschaft erbäizebréngen.

Grad elo brauch Lëtzebuerg Mënsche mat enger Visioun, grad elo wou mer wëssen, dass d'industriell Standbeen net méi esou fest ass, wou onse Bankeberäich och an enger globaliséierter Welt sech nei muss positionéieren, musse mer nei Weeër goen. An nei Weeër sinn hei mat der ESA de Weltraum mat eranzebréngen op eng friddlech Aart a Weis ze notzen.

Interessanterweis zum Schluss dann: Mir klappen hei an d'ESA eran, an engem Joer, wou mer de 50. Doudesdag feiere vum Albert Einstein. Dee Mënsch, deen eis duerch seng Relativitéitstheorie de Weltraum opgemaach huet. An den 100. vum Jules Verne, dem éischte Visionär, deen a sengem Buch „Vun der Äerd op de Mound“ eis déi Saach schonn e bësse virgezechent huet.

Ech hunn am Ufank gesot: Ee kleng Schrëtt fir de Mënsch, ee gewaltege fir eis Gesellschaft. An ech mengen, och elo dierf Lëtzebuerg no de Stäre gräifen.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner hu mer den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Lucien Thiel (CSV).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, dat mir elo stëmme sollen, geet - an den Här Marcel Oberweis huet et schonn uge-deit - zimlech wäit iwwert d'Rentabilitéitsconsidérations raus, déi een am Zesummenhank mat enger Membership vu Lëtzebuerg an der europäescher Raumfahrt-agence ESA ka maachen.

A sengem grëndleche schrëftlechen an net manner interessante mëndleche Rapport huet mäi Kolleeg Marcel Oberweis och schonn op déi gesamtwirtschaftlech Auswirkungen vum der ESA-Memberschaft higewisen. Déi soll een effektiv net ënnerschätzen.

Dofir erlaabt mir dëse Projet an dee méi breede Kontext vum der ekonomescher Entwécklung vum eisem Land ze setzen.

Mir Lëtzebuurger gehéiere jo bekanntlech zu deene räichsten Nationen vum der Welt. Mir sinn zwar net d'Nummer 1, wéi d'OCDE ëmmer behaapt - well déi vergësst jo ëmmer d'Frontaliere mat anzerechnen -, mä mir sinn am Spëtzepeleton. Dat war schonn an der éischter Halschent vum vergaangene Jorhonnert de Fall, wéi mer dee si-wentgréisste Stolproduzent vum der Welt waren an domat méi wéi genuch Sue verdéngt hunn, fir eis ekonomesch a vläicht och politesch iwwer Waasser ze halen an eis Eegestaatlechkeet ze behalen.

Duerno si mer déi aachtgréisst Finanzplaz vum der Welt ginn. Gott sei Dank just zur Zäit, fir iwwert déi batter Restrukturierung vum eiser Stolindustrie ewechkommen, déi ënner aneren Ëmstänn wuel zu enger nationaler Katastroph gefouert hätt. Vun de 70er Joren un hu mir do ganz bequeme vum de Revenu vum eiser Finanzplaz geliefert, déi lues a lues esou eng Aart Selbst-verständlechkeet fir eis ginn ass.

Mir hunn eis ouni weideres un de Gedanke gewinnt, datt den Herrgott e Lëtzebuurger wier, a mir domat fir ëmmer op der gewonnener Sait wieren. Dat huet och méi oder weiniger bis viru kuerzem geklappt. Mä säit enger Zäit trëppele mir mat eise Banken op der Plaz. Ënner anerem och dofir, well eis Noperen eis net méi esou gewäerde loosse wéi fréier. Fir de Moment gesäit et jiddefalls net no enger Neioplo vum Boom vum den 90er Joren aus, wou mer Zouwuersrate bis zu 10% an engem Joer haten.

Derbäi gi mer eis och nach méi bewosst, wéi ofhängeg mir vum deem enge Secteur gi sinn, deen eleng, trotzdem hien e bëssen ageknéckst ass, nach ëmmer een Drëttel vum eisem Statsbudget finanzéiert.

Do geet et net méi duer mat e bëssen Diversifizierung hei an e bësse Steueravantages do, wa mir eis ekonomesch Zukunft op e sécher Fëllement wëlle setzen. Mir mussen eis, ob mer wëllen oder net, no Alternativen ëmkucken, déi dofir suergen, datt mir eis eisen Train de vie weider leeschte kënnen, wann et mol eng Kéier méi lues mat eiser Finanzplaz goe sollt. Ofgesinn do-vu wier et och e méi berouegend Gefill, wa mir net méi esou ofhängeg wiere vum engem eenzelne Wirtschaftssektor, wéi mir et am Moment vum der Finanzplaz sinn.

Elo kann een awer net esou einfach en neie Wirtschaftscréneau aus dem Zylinder zauberen. Esou eppes kritt een - wann iwwerhaapt - nëmmen a laanger an haarder Klengaarbecht zustanen. Ongefëier sou wéi wann een e grouse risige Puzzel géif zesummebastelen. Mir hu jo scho méi där Uleef geholl, fir eis Economie ze diversifizéieren a wann een dovunner voll



an d'Schwaarzt getraff huet, da war et den SES-Projet, mat deem eist Land sech als dee gréisste Satellitenopérateur weltwäit positionéiere konnt.

Mäi Virriedner huet mat Recht op déi méiglech Verbindung tëschent der SES an der ESA higewisen an d'Opportunitéiten ervirgestrach, déi sech mat den ESA-Programme fir eis Satellitbedreier opdinn.

Mä et ass net bei där enger Entreprise deemools bliwwen. Entretemps ass zu Betzduerf en Unzéiungspol entstanden, deen, wa mir et richteg upaken, zur Wéi kennt gi vun enger ganz neier an zukunftschrächter Wirtschaftszweig, well haut schaffen am Beräich vun der Weltraumtechnik eng ronn 350 Leit hei am Land. Si verdeele sech op eng hallef Dosen Entreprises, déi nëmmen drop waarden, dass mir hinnen d'Dier fir d'ESA opmaachen. Zum Deel hu se scho bewisen, dass si an hirem Beräich zum Beispill beim Bau vu Parabolantennen duerchaus mat der internationaler Konkurrenz mat-hale kënnen, sou dass se och an der ESA ouni weideres hire Mann wäerte stellen.

Dobäi hält sech och - wéi de Marcel Oberweis et schonn ugedeit huet - de Risiko, deen eise Stat mat sengem Engagement beim europäesche Weltraumprogramm ageet, nu wierklech a Grenzen, well mir vu virera plus au moins sécher sinn, dass mir quasi déi ganz Mise iwwert de Wee vun Op-träg fir eis Entreprises erëm era-kreie kënnen.

Här President, d'Memberschaft an der ESA ass awer net nëmmen eng Chance fir déi Lëtzebuerger Betriber, déi schonn an der Iwwerdroungs- an an der Weltraumtechnik doheim sinn. Si wäert och eiser Uni zousätzlech Perspektiven opmaachen, well mir hei an engem Beräich sinn, an deem d'Fuerschung grouss geschriwwen gëtt.

Dank der SES hu mer eis schonn e gewëssene Know-how am Satellit-beräich ugëeegent, souwuel an technescher Hilsicht wéi och a puncto Management an an der Juristerei. Dorobber kënnen mir baue fir en neie Créneau an eiser Uni opzemaachen, déi sech jo virun allem an der Fuerschung a bestëmmten Beräicher en Numm maache wëllt.

D'Retombée fir eis Economie, nei Perspektive fir déi Entreprises, déi sech an deem Hightechberäich virgewot hunn, an den zousätzleche Fuerschungskick fir eis Uni, dat si gewëss där Grënn genuch fir dem Lëtzebuerger Bättrëtt zur ESA säi Segen ze ginn. A well domat och nach d'Ausicht op eng Diversifizierung vun eiser Economie verbonnen ass, déi natierlech hëlleft eise Wuelstand weider ze consolideieren, fällt et mir alles aneschtens wéi schwéier fir den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ze ginn.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Thiel. Als nächst Riednerin ass d'Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Colette Flesch (DP).** - Merci, Här President.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, dee Projet, dee mer hei virun eis leien hunn, ass e gudde Projet. E bréngt der Lëtzebuerger Wirtschaft ganz sécher eppes, a mir wäerten als DP-Fraktioun dee Projet stëmmen.

Ech wëll och dofir dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen den Historique gemaach huet, d'Analys gemaach huet am Detail, wat de Projet ka vu Méiglechkeete fir Lëtzebuerger Betriber opmaachen, an deen also domadder d'Zukunftsperspektiven entwéckelt huet.

Ech wëll also net hei alles dat répétéieren, wat hie gesot huet a wat

hie geschriwwen huet, dat ass jo entre-temps gewosst.

Ech gehéieren net zu deenen, déi mengen, dass mir elo e Champion an eng Weltmuecht am Weltall géinge ginn, doduerjer dass mer der ESA bäitrieden. Mä dach sinn ech iwwerzeegt, dass et eng ganz gutt Saach ass, well et eben, wéi gesot, eng ganz Partie nei ekonomesch Méiglechkeeten opmécht fir d'Lëtzebuerger Betriber, notament nom Prinzipium vum „juste retour“.

An Zukunft wäerte Programmer wéi GALILEO - bei deem mer matmaachen - eng wichteg Roll fir Europa spillen, souwuel um wirtschaftlechen, mä och um strategeschen Plang. De GMES zum Beispill - d'Ärderobservatioun mat villfältegen Applikatiounen - wäert och e wichteg Piller vun der zukünftiger Weltraumpolitik ausmaachen an de Rapporteur huet jo drop higewisen.

Méi speziell ass de Moment de Budget vun der ESA an der Diskussioun, deen och vun der Kommissioun iwwert deen nächste Recherchebudget gespeist gëtt. Do géing ech de Minister wëlle froen: Wou sinn do d'Diskussiounen drun? An ech wëllt hien nach froen: Wéi ass et weider mam Conseil de l'espace, deen esou wäit mer gesot ginn ass, schonn hätt sollen am Abrëll ënner Lëtzebuerger Présidence stattfannen, mä deen nach net zustane komm ass, well nach eng Rei Froen opstinn an haaptsächlech well déi finanziell Punkten nach net ofgekläert sinn. Dofir hunn ech de Lien gemaach tëschent dem Budget engersäits an dem Conseil de l'espace andersäits.

De Projet, dee mer haut diskutéieren, ass déposéiert ginn duerch den Ausseminister, wat normal ass, well et d'Approbatioun vun enger internationaler Konventioun ass. Mir hunn - ech muss soen zu menger Iwwerraschung - dee Projet an der Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche a vun der Kultur diskutéiert.

Mir schéngt et, dass ee sech awer ka froen, notament au vu vum Avis vun der Chambre de Commerce a vum Groupement luxembourgeois de l'aéronautique et de l'espace, dee jo bei der FEDIL ugesiedelt ass, ob deen Dossier net besser an der Economie wier, well et fir Lëtzebuerg virun allem en ekonomesche Projet a manner e Recherche-Projekt ass, well dat en ekonomeschen Aspekt huet, eischer wéi e Rechercheaspekt.

Ech wëll drop hiweisen, dass bei der Europäescher Kommissioun et de Kommissär Verheugen ass, dee fir deen Dossier zoustänneg ass. Ech hale fest, dass och den Här Thiel, an deem wat hien elo just hei gesot huet, de Projet an de wirtschaftleche Kontext gesat huet. Et géing mech interesséieren zu där Frostellung d'Meenung vun der Regierung ze kennen.

En anere Punkt schéngt mer ze sinn, dass een zu Lëtzebuerg an deem Kontext vun der Recherche a vum Lien zur Industrie méi eng konzentréiert a koordinéiert Démarche misst hunn, déi Recherche an Economie zesummebréngt - a wéi mer wëssen ass Luxinnovation jo hei och concernéiert. Also mir schéngt et, dass eng Vernetzung vun Intérêt wier, och fir ons Betriber.

Dann, Här President, erënneren ech mech drun, dass am Koalitionsaccord steet, dass eng Aart Wäissbuch oder Plan directeur fir d'Lëtzebuerger Weltraumpolitik soll ausgeschafft ginn. Wéi gesot, ouni mer do ze vill Illusiounen ze maachen, géing ech nawell gäre wësen, wat d'Iddi vun der Regierung à ce stade zu där Fro ass a wou d'Regierung an der Preparatioun vun deem Wäissbuch de Moment drun ass.

Zesummefaassend, Här President, begrësse mir als DP-Fraktioun dee Projet, deen deene weinege Lëtzebuerger Betriber, déi eng excellent

Aarbecht an deem Domän maachen, nei Méiglechkeeten opmécht. Et kann nëmme positiv sech auswierke fir ons Economie.

De Conseil d'État war der Meenung, dass d'Approbatioun vun der Konventioun en Transfert de Souveraineté kéint beinhalten an dass mer mussen den Accord mat der spezieller Majoritéit vum Artikel 114, Paragraph 2 vun onser Verfassung stëmmen. D'Regierung war dans un premier temps net esou dovun iwwerzeegt, huet sech awer schliesslech dem Conseil d'État ralliiert, sou wéi och d'Kommissioun. An deem Mooss wou de Conseil d'État déi Fro opgeworf huet, schéngt et ons och am Intérêt vun der Sécurité juridique ze sinn, dass mer dee Projet nu de spezielle Bestëmmunge vum Artikel 114, Paragraph 2 vun onser Verfassung stëmmen. Mir fir onsen Deel wäerten dee Projet op jidde Fall stëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Als nächsten an als leschte Riedner ass agedroen den honorablen Här Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, léif Frënn, gläich am Ufank wëll ech lech soen, dass d'LSAP-Fraktioun och hiren Accord heizou gëtt an ech wollt dem Rapporteur Marcel Oberweis villmools Merci soen.

Dëse Projet 5432 besteet, wéi gesot, aus deenen dräi Deeler:

1. Mir approvieren d'Konventioun, wou d'ESA kreéiert ginn ass, dat war den 30. Mee 1975, déi kritt also elo 30 Joer Enn des Mounts, a wann Der den Exposé des motifs gelies hutt, gesitt Der, dass et sech hei ëm eng Success story handelt, déi 30 Joer laang dauert.

2. Mir approvieren och den Accord vum 19. August 2002 zwëscht der ESA an hire Memberstaaten iwwert d'Protectioun an den Echange vun deene sou genannten Informations classifiées. Dëst, mengen ech, ass och wichteg fir Lëtzebuerg a fir seng Betriber, déi an deem Domän vum Espace a vun der Aéronautique aktiv sinn.

3. Deen drëtten Deel, dee wichtigsten Deel, do geet et jo ëm eis Vollmitgliedschaft bei der European Space Agency.

Wann ee Biller vu Lëtzebuerg kuckt vun engem Satellit aus, da gesäit ee wahrscheinlech just e klengen Punkt. Wann een awer Lëtzebuerg a seng Politique de l'espace géing ukucken, dann ass dat kee klengen Punkt méi, mä da kann ee soen, do si mer trotzdeem e „big player“. Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass d'SES Astra an och elo d'Mammefirma SES Global déi gréisste private Satellitbedreier si weltwäit.

Säit dem Joer 2000 bedeelegt sech Lëtzebuerg och um Programm ARTES - wéi scho gesot gi war - vun der ESA. Deemools hate mer de Projet de loi 4750 hei gestëmmt an de Conseil d'État hat deemools gesot: Ma gitt dach direkt Member vun der ESA. D'Regierung huet awer gesot: Mir wëllen awer d'Resultater ofwaarden. A si huet ofgewart. D'Resultater waren och gutt, well mir haten e Retour vum 1,03 an dee Retour géographique, dee jo hei festgesat ass, dee kann nach bis op 1,21 eropgoen.

Wa mir also elo Vollmember sinn, da sinn déi 15 al EU-Länner Member, an och déi zéng nei Länner hu scho groussen Interesse zu Paräis bei der ESA ugemellt.

Vläicht ass et och nach interessant ze bemerken, dass och Kanada mat associéiert ass bei verschiddene Projeten - an dat ass och wichteg fir och Know-how an Technologie vun där anerer Sait vum Atlantik ze kréien.

Säit November 2004 gëtt et jo och op EU-Niveau eng Politique de l'espace, déi sech allerdéngs an d'Aktivitéiten vun der ESA areit. Et gëtt also elo e Conseil conjoint vun deenen zoustännegen EU-Ministère mat dem Conseil vun der ESA.

Erlaabt mer och eng Remarque ze maachen: Den Artikel 254 an deem drëtten Deel vun der Europäescher Verfassung traitéiert och just déi europäesch Politique de l'espace.

Duerch eis Membership bei der ESA hu mir also elo vill Know-how a kënnen eis eegen Politique de l'espace besser gestalten a mir kënnen och méi aktiv an der europäescher Weltraumpolitik matschaffen.

D'Avantage vun eiser Mitgliedschaft leien awer net nëmmen um politeschen Plang, mä wéi gesot virun allem um wirtschaftlechen an um industrielle Plang an och um Plang vun der Recherche. Bei deem Projet de loi si mer wierklech voll am Lissabonprozess dobäi.

Et ginn duerch eis Participatioun bei der ESA vill nei Opportunitéiten op. Well d'ESA ganz vill Recherche- an Développementprojeten huet - an et ass virdru scho gesot gi vu Virriedner -, kritt hei d'Uni, besonnesch den Technoport zu Esch, eng grouss Roll ze spillen.

Niewent deenen technologeschen industriellen Aspekter, wëll ech fir d'Uni awer een Aspekt ënnersträichen, deen ech och an der Kommissioun gesot hunn, dat ass deen Aspekt vum Droit de l'espace. Wa mer d'Uni hunn, déi jo och e Laboratoire de droit huet, da mengen ech, kann een do vill am Domän vum Droit de l'espace maachen, well hei an Europa nach net esou vill Fakultéite spezialiséiert sinn op deen Droit de l'espace.

Mir kënnen als Uni Lëtzebuerg och enk zesummeschaffe mat der International Space University vu Stroossbuerg, déi Programmer huet fir Ingenieuren, Ekonomisten, Juristen, fir deene méi eng breet Formatioun am Domän vum Espace ze ginn.

An ech wëll drun erënneren, dass d'ESA formidabel Programmer huet fir „young graduates“, wou dann och Lëtzebuerger Unisabsolvente kënnen deelhuelen.

Ech kommen awer elo dann, wéi gesot, nach eng Kéier zu deem wichtige wirtschaftleche Punkt. D'ESA beschäftegt a seng verschiddenen Zentren an Europa 40.000 Mënschen direkt, indirekt sinn dat der iwwer 250.000. An, wéi gesot, d'ESA géréiert eng Onzuel vu Kontrakter a Milliardenhéicht, an duerch eis Membership kënnen déi Lëtzebuerger Entreprises e Stéck vun deem Kuch matkréien. Dat ass jo, wéi virdru scho gesot ginn ass, duerch de Prinzip vum geografic return geséchert.

Wa mer haut ofstëmmen, ass dat wichteg, an ech si frou, dass hei déi ganz administrativ Prozeduren net ze laang gedauert hunn, well mir si jo vu verschiddene Leit drop higewise ginn, dass, wa mer dat verschleefen, da verschiddenen Entreprises net méi un deem wichtige Projet GALILEO kënnen matmaachen. An deen ass wichteg, well mer doduerch als Europäer net méi esou ofhängeg si vun den Amerikaner hirem GPS-Programm.

A wat vläicht och interessant ass, de Projet GALILEO gesäit véier Kontrollzentren vir. Zee vun deene Kontrollzentren sollen an Europa sinn. Ech mengen, et wier vläicht interessant, wa mer ee vun deene Kontrollzentren hei op Lëtzebuerg kéinte kréien, entweder zu Esch um Technoport oder zu Betzduerf um Mediaport.

Duerch d'ESA kritt Lëtzebuerg och méi Méiglechkeeten am Domän

vun den Telekommunikatiounen a ka bei Programmer matmaache vu Satellitennavigatioun an och vu Beobachtung vun der Äerd, wat um ëmweltpoliteschen Plang och ganz wichteg ass.

Um Technoport zu Esch gëtt schonns haut nogeduecht mat de Partnere vum CRP Henri Tudor via de CITI - dat ass de Centre d'Innovation par les Technologies de l'Information - iwwer eng interaktiv Télévisioun per Satellit.

De Minister vun der Kultur, Recherche an Héichschoulwiesen huet Luxinnovation den Auftrag ginn, de Kontaktpunkt vun der ESA zu Lëtzebuerg ze sinn. Déi national Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun an der Recherche huet also als Missioun eis Betriber iwwert d'ESA-Programmer ze informéieren, awer besonnesch eis Betriber an eis Centres de Recherche publics ze begleeten an hiren Démarché bei der ESA.

D'Objektiv ass d'Projeten ze promovéieren am Kader vun den Ap-pels d'offre vun der ESA.

All dëst geet jo an d'Richtung vun der Regierungserklärung 2004, déi seet, dass d'Recherche an d'Innovatioun eng vun de groussen Prioritéiten sinn.

Et ass och ze begrëssen, dass d'Wirtschaft sech excellent op eisen ESA-Bättrëtt preparéiert huet. De Lucien Thiel huet scho vum Groupement luxembourgeois de l'aéronautique et de l'espace, GLAE, dee bei der FEDIL ugesiedelt ass, geschwat. Dat ass also e privilegiéierten Interlocuteur vun der Regierung an deem Domän.

De GLAE erméiglecht nämlech Synergien op nationalem an op europäeschem Plang a grad wéi Synergien zwëscht dem Secteur public an dem Secteur privé.

Et ass och interessant nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass an deem Groupe de travail ESA-Lëtzebuerg, déi „task force“, déi jo an der Konventioun virgesinn ass, wou während sechs Joer eng Période transitoire virgesinn ass, dass do de Ministère de la Recherche, de Ministère de l'Économie, de Kommunikationsministère an och de Ministère vun der Défense kënnen zesummeschaffen. Do wëll ech e bëssen op dat hiweisen, wat d'Madame Flesch schonn ugeschwat huet. Ech mengen et ass wichteg, dass de Ministère de l'Économie do wierklech agebonne gëtt, an ech hoffen, dass besonnesch déi zwee Ministeren, dee vun der Recherche an dee vun der Economie, do zesumme kommunizéieren an un engem Strang zéien.

**Une voix.** - Haaptsächlech hir Beamten.

**M. Marc Angel (LSAP).** - Voilà.

Dee Groupe, vun deem ech elo geschwat hunn, deen ass jo do fir auszelotsen, wéi eng nei Betriber vun der ESA zu Lëtzebuerg profitéieren kënnen. Et sinn heideruech iwwerall och schonn zwee nei Betriber an d'Land ugelackelt ginn.

Op de finanziellen Aspekt, mengen ech, ass de Marcel Oberweis agang. Ech wëll just zum Schluss soen, dass dëse Projet de loi, mengen ech, eng gutt Saach ass fir eist Land an och fir seng Betriber.

Ech soen lech Merci, dass Der mer nogelasscht hutt.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Voilà, léif Kolleeginnen a Kollegen, domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo nach d'Regierung. Den zoustännegen Minister, den Här François Biltgen, huet d'Wuert.

**M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Merci, Här President.



Dir Dammen an Dir Hären, mol fir d'éischt e grouse Merci un de Rapporteur, de Marcel Oberweis, deen hei säi Fachwëssen ënnerstrach huet. Och Merci deene verschiddene Riedner. Dir hutt scho bal alles gesot wat ech hei kéint soen, dofir wëll ech just op e puer Froen agoen.

Erlaabt mer awer virdrun ze soen, dass ech wierklech frou sinn, dass mer haut deen heite Projet scho stëmmen. Et ass eng Geschicht, déi ganz kuerz ass. Et war nach zum Schluss vun der viregter Regierung meng Virgängerin, d'Madame Hennicot, déi ESA ënnerschriwwen huet. Mir hunn dunn an dëser Legislaturperiod ganz séier de Projet fäerdeg gemaach an ech si frou, dass mer en haut kënne stëmmen. Well doduerch, dass mer offiziell Member ginn - mir sinn déi lescht vun deene 15 an der ESA -, kënne mer wierklech ganz vill maache fir d'Diversification économique zu Lëtzebuerg. Ech wëll erënneren un 1984; do hu mer ugefaange mat der Satellitenaventure. Mä hei ass e weidere Schrëtt, an et ass oft genuch gesot ginn.

Dass et den Héichschoul- a Rechercheministère ass, dee sech drëm bekëmmert, dat huet eng Partie Ursaachen. Éischtens ass an der Regierungserklärung festgehale ginn, dass d'Politique de l'espace zu mengen Aufgabe gehéiert, an déi wäert ech och versichen uerdentlech auszuféieren. Et kënnt derbäi, dass een net kann eng Trennung maachen tëschent Economie, Betriber an einfach Innovatioun, op där enger Säit, an op där anerer Säit Stat a Recherche publike. Déi Saache musséi mir no uneneen erubruecht ginn, wéi mer et och an der Regierungserklärung ënnerstrach hunn, an dofir schaffe mer och zesummen. Bei deenen enge Fäll, do huet de Wirtschaftsministerium de Lead. Bei deenen aneren huet de Forschungsinistère de Lead. Hei, mengen ech, ass et richteg, dass de Forschungsministerium de Lead huet, och well vill iwwert d'Universitéit kënnt a well mer hei wierklech laangfristeg musséi plangen a laangfristeg Recherche musséi maachen; kleng alldeeleglech Recherche geet hei net duer.

Mir hu selbstverständlech - an den Här Angel hat et virdu scho gesot - an där „task force“ och déi aner Ministeren, notament natierlech de Ministère de l'Économie, mat erageholl. Da gëtt et och nach e Groupe d'accompagnement, wou eigentlech Leit um Terrain - vun der Wirtschaft - dra genannt ginn. Dat leeft och. Do kënnt zum Beispill selbstverständlech och Luxinnovation mat derbäi; dat ass fir eis eng Evidenz. Mir schaffen also hei zesummen.

Dann ass d'Fro: Wou kënne mer an Zukunft Marchéé kréien zu Lëtzebuerg? Éischtens am Telekommunikationsberäich an am Navigationsberäich, zweetens bei Terminalen, drëttens beim Equipement vu Buedemstatiounen, do ass wierklech d'Chance, dass mer Marchéé kënen kréien. Ech wëll erënneren, dass mer an den ARTES-Programmen, wou mer scho matgemaach hunn, do 103% „juste retour“ haten.

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

## Sommaire des séances publiques

4902 - Projet de loi portant approbation du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999  
pages 341-342

5178 - Projet de loi sur les réseaux et les services de communications électroniques

5179 - Projet de loi portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques

5180 - Projet de loi portant:

1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;

2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

et

5181 - Projet de loi

- relatif aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et

- portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle  
pages 342-352

Ordre du jour  
page 352

Communications  
page 352

Ordre du jour  
page 352

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°33 du 3 mai 2005 de Monsieur Roger Negri relative à l'extension du tracé Luxembourg-Gouvy-Liège, adressée au Ministre des Transports  
page 353

- Question N°34 du 3 mai 2005 de Monsieur Camille Gira relative à la réduction des participations de l'État à accorder aux communes et syndicats intercommunaux par le biais du fonds pour la protection de l'environnement, adressée au Ministre de l'Environnement  
page 353

- Question N°35 du 3 mai 2005 de Monsieur Marco Schank relative à la réduction des émissions de polluants atmosphériques, adressée au Ministre de l'Environnement  
pages 353-354

- Question N°36 du 3 mai 2005 de Monsieur Félix Braz relative aux dépassements réguliers des teneurs maxima en métaux lourds et dioxines dans les légumes-feuilles cultivés dans les jardins exposés aux émissions de l'industrie sidérurgique (Differdange,

Esch-sur-Alzette, Schifflange), adressée au Ministre de la Santé  
page 354

- Question N°37 du 29 avril 2005 de Monsieur Ben Fayot relative au génocide arménien, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration  
pages 354-355

- Question N°38 du 3 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative au diplôme d'ingénieur industriel, adressée au Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche  
page 355

- Question N°39 du 3 mai 2005 de Monsieur Laurent Mosar relative au résultat d'élection présidentielle au Togo, adressée au Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration  
page 355

- Question N°40 du 3 mai 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'étude initiée par le Ministère de l'Agriculture concernant le secteur de viande au Luxembourg, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural  
pages 355-356

- Question N°41 du 2 mai 2005 de Monsieur Claude Adam relative à la circulaire de printemps adressée au personnel enseignant et aux administrations communales, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle  
page 356

- Question N°42 du 3 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à l'actuel CATP «auxiliaire économe» qui serait transformé en «auxiliaire de vie», adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle  
pages 356-357

Question avec débat N°2 de M. Claude Adam relative à la création et au fonctionnement du lycée pilote  
page 357

Interpellation de M. Lucien Clement au sujet de la politique de gestion des crues et des inondations  
pages 357-364

Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le rapport d'activité 2004 du Comité de surveillance du sida  
pages 364-367

5419 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte anti-tabac, faite à Genève, le 21 mai 2003  
pages 367-373

Dépôt d'un projet de loi  
page 373

5432 - Projet de loi portant approbation - de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004  
pages 373-375

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Gleesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diede- rich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. Xavier Bettel, Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles*

*Goerens, Henri Grethen, Paul Helming-inger et Carlo Wagner;*

*MM. François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et also esou decidéiert.

Déi nächste Sitzunge si virgesi fir den 31. Mee, den 1. Juni an den 2. Juni. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech matgedeelt. D'Sitzung ass elo opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.29 heures)**

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5432.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun.

# «Chamber aktuell»

Depuis le 21 janvier 2005, Chamber TV vous propose tous les **vendredis à 19.00 heures un résumé de l'activité parlementaire de la semaine.**

L'émission est **rediffusée le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures.**